N°3241
Entrée le 25.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Den Institut luxembourgeois de régulation (ILR) huet kierzlech säi statistesche Bericht iwwer de Postsecteur fir d'Joer 2024 publizéiert. Aus dem Rapport geet ervir, datt de Maart zwar e Wuesstem vum Volume bei de Päck vu 5,3 % verzeechent, den Ëmsaz awer stagnéiert an de Gesamtëmsaz vum Secteur esouguer zeréckgaangen ass. De Maart ass duerch eng ëmmer méi intensiv Kompetitivitéit markéiert, wat dozou gefouert huet, datt den duerchschnëttlechen Ertrag pro Pak vun 11,46 Euro op 10,64 Euro gefall ass.

Besonnesch opfälleg ass déi dominant Roll vun der Sous-traitance an dësem Secteur. Laut dem ILR gi 85 % vum gesamte Postverkéier un Drëttubidder ausgelagert, an et goufen zéng nei Ubidder registréiert, déi ausschliisslech als Subunternehmer operéieren. D'Post Luxembourg, déi als Universaldéngschtleeschter de Gros vun de Sendunge beaarbecht a mat ronn 1.300 Mataarbechter de gréissten Employeur am Secteur ass, steet deemno an engem Spannungsfeld tëscht hiren ëffentlechen Obligatiounen an engem Präiskampf, deen dacks iwwer d'Lounkäschte gefouert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi analyséiert de Minister d'Positioun vun der Post Luxembourg an dësem Ëmfeld, wou d'Volummen zwar klammen, d'Margen awer duerch de gefalenen Duerchschnëttserléis pro Pak ënner Drock geroden?

2. Gesäit de Minister am héijen Taux u Sous-traitance vu 85 % am Secteur e Risiko fir sozialen Dumping oder eng Prekariséierung vun den Aarbechtskonditiounen, an a wéi engem Mooss ass d'Post Luxembourg selwer vun dëser Praxis betraff oder ofhängeg?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi gëtt sëchergestallt, datt d'Post Luxembourg hir sozial Responsabilitéit als ëffentlecht Entreprise ka wouerhuelen, wann eng grouss Zuel u Konkurrenten oder Subunternehmer potenziell mat nidderege Sozialstandarden operéieren, fir d'Präisser ze drécken?

4. Ass d'Finanzéierung vum "Service universel" laangfristeg geséchert, wann de lukrative Maart vun de Päck ëmmer méi kompetitiv gëtt an d'Recetten aus dem Bréifverkéier weiderhi strukturell zeréckginn?

5. Gëtt et Iwwerleeungen, bei ëffentlechen Ausschreiwungen am Logistikberäich méi streng sozial Krittären anzeféieren, fir eng fair Kompetitioun vis-à-vis vun der Post Luxembourg ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten